

# CORONAVIRUS COVID-19 QUARANTÄN



Dëst Dokument adresséiert sech u Persounen, déi enke Kontakt hate mat enger Persoun déi positiv op den neie Coronavirus (SARS-CoV-2) getest gouf.

## WAT DIR AN DER QUARANTÄN MAACHE MUSST

Da musst Dir lech während 7 Deeg an Quarantän setzen, fir esou d'Iwwerdroung vum Virus op aner Leit an Ärem Haushalt oder der Gesellschaft ze limitéieren. Effektiv kënt Dir an dëser Period selwer ustiechend ginn.

Dir fannt all déi néideg Informatiounen iwwer den neie Coronavirus um Internetsite vun der Regierung:  
[www.covid19.lu](http://www.covid19.lu)

### Sozialen a professionellen Ausschloss (Quarantän)

- Bleift während 7 Deeg no der Diagnos vum confirméierte Fall doheem (an de meeschte Fäll trieden d'Symptomer an dësem Zäitraum op).
- Evitéiert all Kontakt zu anere Persounen.
- Loost lech de fënneften Dag an engem selwer gewieltene Laboratoire op de COVID-19 testen. Dir kritt dofir eng Ordonnance geschéckt.
- Moost während 7 zousätzlechen Deeg Är Temperatur zwee mol pro Dag an iwwerwaacht Äre Gesondheitszoustand. Während der Eegen-Iwwerwaachung kann ee sengen normalen Aktivitéiten nogoen.



### Wann Dir eleng wunnt

- Loost lech Är Liewensméttel an aner liewenswichtig Produiten, wéi Medikamenter, vun der Famill/Frënn/engem Liwwerdéngscht bis un d'Dier liwweren.



### Wann Dir zesumme mat anere Leit an engem Haushalt wunnt

- Installéiert lech eleng an enger Kummer, maacht d'Dieren zou, an iesst Är Moolrecht an Ärer Kummer. Evitéiert Visitten a Kontakter a verlosst d'Kummer just wann et néideg ass.
- Wäscht lech regelméisseg d'Hänn.



# CORONAVIRUS COVID-19 QUARANTÄN

- Deelt net Är perséinlech Haushaltsartikelen, wéi z.B. Wäsch, Glierser, Tassen, Kichegeschier, Dicher oder Bettgezei mat anere Persounen. Nodeems Dir déi Artikele benotzt hutt, musse se grëndlech mat Waasser a Seef oder an der Wäsch-/Spullmaschinn gewäsch ginn.
- All Kleeder, Bettgezei an Dicher musse reegelméisseg an der Maschinn gewäsch ginn.



## Während an no der Quarantän

- Kontrolléiert Äre Gesondheitszoustand nach während 7 weideren Deeg no der Quarantän selwer: Moosst Är Temperatur 2x/Dag, kontrolléiert Symptomer wéi Houscht oder Otemproblemer.
- Befollegt weider d'Reegele vun der Hygiène.



## Wa Symptomer optauchen

- Setzt lech an Auto-Isolatioun. Kontaktéiert en Dokter per Telefon (Tele-Consultatioun) a befollegt seng Uweisungen.



## Hännwäschen

- Dir selwer an Ären Entourage musse sech reegelméisseg d'Hänn mat Waasser a Seef während minimum 20 Sekonne wäschen. Och bei der Zoubereedung vum lessen, virun oder no engem lessen, nodeems Dir eng Toilette benotzt hutt an zu all Moment wou Är Hänn e knaschtegen Androck maachen.
- Wa kee Waasser a keng Seef disponibel sinn, da wäscht Är Hänn mat engem Desinfektionsmëttel andeems Dir déi gesamt Fläch vun der Hand ofdeckt an d'Hänn reift bis se dréche sinn.



Wann Dir weider Froen hutt, kontaktéiert d'Inspection sanitaire um Telefon: 247-85650.

FIR WEIDER INFORMATIOUNEN:

 [covid19.lu](https://covid19.lu)  
 8002 - 8080



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG